4. Les téléphones portables restent dans le cartable des élèves pendant les heures de classe, ainsi que pendant les récréations, et ils sont éteints. Les élèves laissent leur I-pod, leur Nintendo et tous leurs autres jeux électroniques à la maison.
5. Les élèves veillent à la propreté des toilettes et des sanitaires. Il est interdit de jouer avec l'eau des sanitaires et du distributeur d'eau.
6. L'enregistrement de sons et d'images est interdit dans l'enceinte de l'école, sauf à des fins pédagogiques. Pour tout autre enregistrement, l'autorisation préalable des parents des élèves est requise.
7. Les élèves sont tenus de respecter le règlement d'ordre intérieur. Les manquements de leur part à ce règlement peuvent faire l'objet d'une punition.
8. La tenue vestimentaire des élèves doit être correcte. Des tenues spéciales peuvent être prescrites pour certains cours, notamment les cours d'éducation sportive, d'éducation artistique et les séances de travaux manuels.
9. En principe et pour des raisons de sécurité, les parents n'ont pas accès au bâtiment scolaire, sauf en cas de rendez-vous avec un enseignant.
10. Si un enfant ne peut pas fréquenter les cours, les parents doivent avertir l'enseignant le plus vite possible. Tout élève malade qui manque les cours pendant 3 jours consécutifs au plus, justifie son absence soit par un certificat médical, soit par une excuse écrite que ses parents adressent à l'enseignant. Pour toute absence dépassant les 3 jours, l'élève doit présenter un certificat médical pour justifier son absence.
11. Il est interdit d'apporter des allumettes, des briquets, des couteaux et tout autre objet dangereux à l'école.
12. La possession et la consommation d'alcool, de cigarettes, de stupéfiants et de boissons énergétiques sont strictement interdites dans l'enceinte de l'école.
13. Tous les élèves sortent dans la cour pendant les récréations, sauf en cas d'autorisation spéciale de la part d'un enseignant.
14. Pendant la récréation et les heures de surveillance, les enfants doivent rester dans l'enceinte de la cour de récréation. La place de l'église, ainsi que le passage derrière le hall sportif et la maison relais ne font pas partie de cet espace.
15. Il est interdit de rouler à vélo, à chaussures à roulettes (Heelys), de faire du skateboard et de rouler à trottinette dans la cour de récréation pendant les heures de classe ainsi que pendant les heures de surveillance, c'est-à-dire durant les 10 minutes avant le début des cours ainsi que 10 minutes après les cours et pendant les récréations.
16. A tour de rôle, chaque classe peut jouer au football dans le mini-stade pendant la récréation et ceci avec un ballon dur. En dehors du mini-stade, seuls des ballons mous et des ballons de basket sont autorisés.

17. Les élèves jettent leurs déchets dans les poubelles prévues à cet effet dans la cour de récréation et dans le bâtiment scolaire. Le papier et les bouteilles en plastique ainsi que les emballages Tetrapak sont jetés dans des poubelles spéciales, ceci en vue du recyclage. Il est interdit d'apporter des canettes (Red Bull, Coca Cola, etc.) à l'école.
18. Les élèves prennent soin de ne pas détériorer les plantations et les infrastructures de la cour de récréation et du bâtiment scolaire. Chacun respecte son propre matériel ainsi que celui de ses condisciples.
19. En ce qui concerne le toboggan, les élèves respectent les consignes de sécurité des surveillants. Il est interdit de sauter sur le toboggan et de gêner les autres sur celui-ci. En cas de pluie, l'utilisation du toboggan est interdite. Les surveillants peuvent installer un panneau stop devant le toboggan, qui interdit aux enfants de glisser sur le toboggan et à côté de celui-ci. En cas de neige, l'utilisation du toboggan est uniquement permise aux élèves munis d'un pantalon de ski.
20. Il est interdit de lancer des morceaux de glace, des cailloux et des copeaux d'écorce.
21. Pendant les trajets en bus, les élèves mettent leur ceinture de sécurité. Ils restent assis pendant tout le trajet. Il est interdit de crier dans le bus et de pousser ses camarades au moment de descendre du bus. Les élèves veillent à la propreté des sièges et éliminent leurs déchets avant de quitter le bus. Il est interdit de manger et de boire pendant les trajets en autobus.
22. Il faut tenir les chiens en laisse dans la cour de récréation et veiller à enlever leurs déchets.

## 2.5 PLAN DE RÉUSSITE SCOLAIRE

De Plan de Réussite Scolaire (PRS) ass opgesat gi vun engem Aarbechtsgrupp, dee sech aus de Membere vum Schoulcomité mat den Eltereverrieder an e puer Fräiwëllege vum Léierpersonal zesumme gesat huet mat der Ënnerstëtzung vum Schoulinspekter.

Et geet drëm, di aktuell Situatioun vun onser Schoul ze analyséieren an doropshin Ziler an Aktiounen festzeleeën, déi d'Qualitéit vun onser Schoul verbessere sollen. De PRS zielt fir eng Period vu 4 Joer, gëtt awer all Joer ausgewäert, fir dann nei Aktiounen fir dat nächst Schouljoer festzesetzen. No 4 Joer gëtt dann eng Gesamtauswärtung gemaach an ee neie PRS fir di nächst 4 Joer ausgeschafft.

An onsem PRS stinn 3 Hauptziler, déi dann zum Deel nach Ënnerziler hunn.

1. Am éischten Zil geet et drëm, de Kanner Freed um Liesen e vermëttelen. Zu deem Zweck schaffe mir enk zesumme mat de Responsable vun onser Mediathéik, fir interessant an aussergewöhnlech Aktivitéiten fir d'Schüler ze organiséieren.
2. Am zweeten Zil geet et haaptsächlech ëm d'Anhale vu gemeinsame Regeln an d'Léisung vu Konflikter. Mir beginn ons do op de Wee vun enger Schoulcharta, déi d'Léierpersonal gemeinsam mat de Schüler, Elteren an de Responsablen aus der Maison Relais, ënner der

Le plan de réussite scolaire a été rédigé par un groupe de travail constitué des membres du comité d'école, des représentants des parents des élèves et de quelques volontaires du corps enseignant avec le soutien de l'inspecteur de l'école.

Le but était d'analyser la situation actuelle de l'école et d'établir en conséquence des objectifs et des activités en vue d'améliorer la qualité de notre école. Le PRS est valable pour une période de quatre ans. Une évaluation aura lieu après chaque année scolaire et de nouvelles activités seront fixées pour l'année scolaire suivante. Après ces quatre années, il y aura une évaluation générale et un nouveau PRS sera établi.

Notre plan de réussite contient trois objectifs principaux avec quelques sous-objectifs.

1. Le premier objectif a pour but d'éveiller chez les enfants le plaisir de la lecture. A ces fins nous travaillerons en collaboration étroite avec les responsables de notre médiathèque scolaire, pour organiser des activités intéressantes et extraordinaires afin de motiver les élèves.
2. Le deuxième objectif s'articule autour du respect des règles communes et des solutions en cas de conflits. A ces fins nous élaborerons une charte scolaire avec l'aide des enseignants, des élèves, des parents et des responsables de la Maison

Begleedung vun engem professionnelle Formateur opstellt.

An dësem Zesammenhang gëtt de Projet „Pausenengelen“, eng Surveillance déi vun de Schüler aus dem Cycle 4 während de Pause gehale gëtt, an déi dëst Schouljoer schon funktionnéiert, weider mat professioneller Hëllef ausgebaut.

3. Am drëtten Zil geet et drëm, Kanner mat spezifesche Bedürfnisser besser gerecht ze ginn. Mir hu festgestallt, datt an onser Gemeng e gudden Deel Kanner a Placementer/Foyer wunnen an och datt vill Kanner am Laf vum Joer bäikommen. Dës Kanner hunn oft ganz grouss Problemer, deene mir op enger anerer Weis musse begéinen. Kanner, déi am Laf vum Joer nei an d'Schoul kommen, hunn eng Persoun zur Verfügung, déi sech am Ufank méi perséinlech ëm si këmmert. Kanner, déi am Foyer wunne, gëtt sou méi Zäit gelooss, sech un hiert neit Ëmfeld ze gewinnen, wat fir Verschiddener muenchmol ganz schwéier ass. Doniewent geet et ons awer och drëm, Kanner, deenen et schlecht geet, een Uspriechpartner unzebidden, bei deem si sech no Bedürfnis kënnen ausschwätzen.

Fir méi detailléiert Informatiounen iwwert de PRS invitéiere mir lech op onsem Internet-Site [www.sandweiler-schoulen.lu](http://www.sandweiler-schoulen.lu) nozeliesen.

Relais. Nous serons accompagnés par un formateur professionnel.

Dans ce cadre, le projet « Pausenengelen » a également été mis en place. Il s'agit d'une surveillance assurée par les élèves du cycle 4 pendant les récréations. Ce projet a déjà débuté cette année et il sera perfectionné avec l'aide d'un formateur professionnel au cours de l'année scolaire 2011/2012.

3. Le troisième objectif vise surtout à mieux encadrer les enfants à besoins spécifiques. Nous avons constaté que dans notre commune une partie des enfants vivent dans des placements familiaux ou dans un foyer. Il y a aussi des enfants qui intègrent l'école au cours d'une année scolaire. Ces enfants ont des problèmes que nous devons aborder de manière différente.

Chaque enfant qui entrera dans notre école au cours d'une année scolaire, sera accueilli par une personne qui sera à son entière disposition durant les premières semaines pour pouvoir répondre à ses besoins. Les enfants vivant en placement seront mieux encadrés et trouveront de l'aide pour s'adapter à leur nouvelle situation. En outre, les enfants qui ont des soucis, auront ainsi une personne de confiance à leur disposition qui les écoutera en cas de problème.

Pour de plus amples informations, veuillez consulter notre site internet: [www.sandweiler-schoulen.lu](http://www.sandweiler-schoulen.lu).

## 2.6 SCHOULMEDIATHÉIK « UM WEIER »

Zanter dem leschte Schouljoer huet d'Sandweiler Grondschoul eng Mediathék, déi 25 Stonne pro Woch op ass. Hei kënnen d'Kanner Bicher ausléine kommen, si kënnen sech et awer och gemittlech maachen an an engem Buch liesen oder een Hörbuch lauschten. Fir all Klass ass eng hallef Stonn pro Woch reservéiert, wou d'Kanner mat hirem Enseignant an d'Mediathék komme kënnen. Vill Kanner kommen awer och op Eegeninitiativ an de Pausen oder zu fixe Stonnen ausserhalb vun der Schoulzäit.

An der Mediathék zu Sandweiler sinn zur Zäit 6332 Medienunitéiten a vill verschiddene Sproochen. Eise Katalog, souwéi och Informatiounen iwwert d'Aktivitéite vum leschte Schouljoer, kënnt Dir op dem Site [www.sandweiler-schoulen.lu](http://www.sandweiler-schoulen.lu) ënnert der Rubrik Mediathék nokucken.

Säit der Ouverture am Oktober 2011 goufe 4672 Prête vu Bicher, DVDen an Hörbicher gemach.



### Top 10 vun deenen am meeschten ausgeléinte Bicher:

- 1 Gregs Tagebuch
- 2 Ich bin der Stärkste im ganzen Land
- 3 Ella in der Schule
- 4 Cowboy Claus und das pupsende Pony
- 5 Gregs Tagebuch 2
- 6 Max and the Minnow
- 7 Gregs Tagebuch 4
- 8 In Afrika war ich nie allein
- 9 Où est Charlie?
- 10 Das Sams



### Mir haten awer och ganz flott Liesunge fir d'Kanner aus deene verschiddene Cyclen.

- Tina Kemnitz (Literaturempfehlungsshow) fir de Cycle 2.2 an 3.1
- Jutta Richter (Annabella Klimperauge) fir de Cycle 3.2, 4.1 & 4.2
- Sonja Grethen (Den Egon gëtt ganz schick) fir de Cycle 1 (Précoce)
- Patricia Petruccioli (Dem Lila säi Laachen) fir de Cycle 2.1
- Dany Gales (Kolja a Galina) fir de Cycle 1 (Spillschoul)



### Weider Aktivitéiten, déi an der Mediathék stattfontt hunn:

- Divers Billerbuchkinoen fir d'Kanner aus der Maison Relais, während der Vakanz, a fir d'Schoulkanner, während der Schoulzäit;
- Elimatoire vun de Sandweiler Schüler vum Cycle 4 fir den nationale Virliesconcours an de Sproochen däitsch, franséisch an lëtzebuergesch;
- Visite vum Kleeschen;
- Astudéieren a presentéieren vun Theateropféierungen fir d'Eltere vun de Kanner aus dem Cycle 1;



- Liesowend vun enger Klass aus dem Cycle 3.2 mat uschléissender Iwweruechtung an der Mediathék;
- Konferenz fir d'Elteren a Formatiounen fir d'Léierpersonal.

D'nächst Schouljoer këmmert een Team vun 3 Persounen sech ëm d'Mediathék: D'Josiane Müller-Weiler, d'Linda Eischen an de Patrick Weimann.



## Hei e puer flott Zitater vun de Kanner iwwer eis Mediathék:

- « Ech kommen an d'Mediathék, fir ze liesen, well et hei gutt roueg ass. »
- « Hei fannen ech flott, witzeg, geheimnisvoll Bicher an Rätsle. »
- « Ech kommen an de Pausen an d'Mediathék, fir CDen ze lauschtere. »
- « Ech ka selwer bestëmmen, wat ech liese wëll. »
- « Hei ginn et Filmer, déi ech doheem net hunn. »
- « E Buch ausléine kascht näischt. »
- « Ech fanne vill Bicher an anere Sprooche. »
- « Ech kommen an der Paus fir an engem Buch ze liese. »
- « Eis Mediathék ass schéi faarweg an hell. »
- « An der Mediathék ass et schéi roueg. »
- « Et ginn dënn Bicher fir déi Kleng, an déck Bicher fir déi Grouss. »
- « Ech fannen et déck cool, wéi et hei ageriicht ass. »
- « Ech fannen et flott, dass ech hei einfach liese kann an net muss e Buch ausléine. »
- « Comics gefale mir ganz gutt. »

- « Wimmelbicher sinn de groussen Hit. »
- « D'Dekoratioun ass schéin - mir hunn se selwer gemaach. »
- « Ech fannen hei vill Sachbicher, déi mir an der Schoul hëllef, e Projet ze maache. »
- « D'Mediathék ass schéi faarweg, an et hänke vill Fotoen op. »
- « Ech kann Bicher reservéiere. »
- « Ech kann der Mediathék meng Bicher spende. »
- « Ech siche Bicher um Computer, da fannen ech se méi schnell. »
- « Et ass flott, dass ech Bicher an anere Sprooche liese kann. »
- « Ech ka mäin Wonschbuch op en Ziedel schreiwen an an eng Wonschkëscht geheien. »
- « Hei kënnen mer och mat der Klass Filmer kucken. »



## Einweihung der Mediathek

Zur Einweihung der Mediathek waren alle ziemlich aufgeregt, denn wir erwarteten die Unterrichtsministerin, Frau Delvaux-Stehres. Als sie eintraf, sangen einige Kinder ein Lied, andere hielten kurze Reden. Alle mussten lange dafür üben, damit nichts schief lief. Auch der Herr Inspektor kam, sowie Verantwortliche von der Gemeinde und vom Ministerium. Der Empfang der Ministerin fand im großen Eingangsbereich statt, danach gingen wir alle nach unten, zur Mediathek. Doch die Schüler mussten wieder in ihre Klassensäle, außer die Kinder vom Cycle 4.1. Das klingt wahrscheinlich ungerecht, aber es war langweilig, denn die Erwachsenen hielten lange Reden...

Doch wir alle mögen unsere Mediathek und verbringen gerne unsere Zeit dort. Dort findet man alles : Bücher, DVDs, CDs und noch vieles mehr.

Ich bin persönlich sehr traurig dass ich, wenn ich im Gymnasium bin, nicht mehr in unsere Mediathek gehen kann.

Micky Maller



## 2.6 MÉDIATHÈQUE SCOLAIRE « UM WEIER »

Depuis l'année scolaire 2010-2011, l'école fondamentale de Sandweiler possède une médiathèque, qui est ouverte au public 25 heures par semaine. Les élèves peuvent emprunter des livres, mais ils peuvent également s'y installer pour feuilleter un livre ou écouter un livre audio. Pour chaque classe, une plage de 30 minutes par semaine est réservée, pendant laquelle elle peut visiter la médiathèque avec son enseignant. Il y a également beaucoup d'enfants qui viennent de leur propre gré, soit pendant les récréations, soit pendant les heures d'ouverture en dehors des heures de classe.

Notre médiathèque possède actuellement 6 332 médias de langues différentes. Vous trouvez notre catalogue ainsi que des articles de nos activités sur le site [www.sandweiler-schoulen.lu](http://www.sandweiler-schoulen.lu) sous la rubrique médiathèque.

Depuis l'ouverture, le nombre de prêts de livres, de DVDs et de livres audio se chiffre à 4672.

### Top 10 des livres prêtés :

- 1 Gregs Tagebuch
- 2 Ich bin der Stärkste im ganzen Land
- 3 Ella in der Schule
- 4 Cowboy Claus und das pupsende Pony
- 5 Gregs Tagebuch 2
- 6 Max and the Minnow
- 7 Gregs Tagebuch 4
- 8 In Afrika war ich nie allein
- 9 Où est Charlie?
- 10 Das Sams



## Séances de lecture organisées pour les différents cycles :

- Tina Kemnitz (Literaturempfehlungsshow) pour les cycles 2.2 et 3.1
- Jutta Richter (Annabella Klimperauge) pour les cycles 3.2, 4.1 et 4.2
- Sonja Grethen (Den Egon gëtt ganz schick) pour le cycle 1 (éducation précoce)
- Patricia Petruccioli (Dem Lila säi Laachen) pour le cycle 2.1
- Dany Gales (Kolja a Galina) pour le cycle 1 (préscolaire)

## Autres activités dans la médiathèque :

- des séances de cinéma de livres d'images pour les enfants de la Maison Relais durant les vacances scolaires et pour les élèves pendant les heures de classe;
- les éliminatoires des élèves du cycle 4 de l'école de Sandweiler au concours de lecture en langue française, allemande et luxembourgeoise;
- les répétitions et la présentation d'une pièce de théâtre des élèves du cycle 1 ;
- soirée lecture pour une classe du cycle 3.2 qui a passé une nuit à la médiathèque;
- diverses conférences pour les parents et certaines formations pour le corps enseignant.

L'année prochaine, une équipe de trois personnes s'occupera de la médiathèque. L'équipe se composera de Josiane Müller-Weiler, de Linda Eischen et de Patrick Weimann.

## Quelques citations de nos élèves concernant la médiathèque

- « Je profite de la médiathèque pour lire, parce qu'elle est calme.»
- « Ici, je trouve des livres amusants et mystérieux. »
- « Je vais à la médiathèque pendant la récréation pour écouter des livres audio.»
- « Ici je peux décider de ce que je veux lire. »
- « Ici je trouve certains DVDs que je ne possède pas à la maison. »
- « Le prêt ne coûte rien. »
- « Je trouve des livres de différentes langues. »
- « Je profite de la récréation pour lire.»

« Notre médiathèque est claire et jolie. »

« Il y a de petits livres pour les petits et de grands livres pour les grands. »

« L'aménagement de la salle me plaît énormément. »



## Inauguration de la médiathèque

Lors de l'inauguration de la médiathèque, tout le monde était nerveux, car on attendait l'arrivée de la ministre de l'éducation nationale, Mme Delvaux-Stehres. Lorsqu'elle était parmi nous, quelques enfants chantaient des chansons et d'autres tenaient de petits discours. On a dû se préparer longtemps à l'avance, pour que tout se passe bien. Monsieur l'Inspecteur, ainsi que des responsables de la commune et des ministères étaient également présents. Tout le monde se dirigeait peu à peu vers la médiathèque. Les élèves ont dû regagner leurs salles de classe, sauf ceux de cycle 4.1. Cela paraît injuste, mais c'était ennuyant, car les adultes tenaient de longs discours...

Nous adorons tous aller à la médiathèque. On y trouve de tout : des livres, des CDs, des DVDs, ... Personnellement, je suis triste de ne plus pouvoir passer du temps à la médiathèque, quand je serai au lycée.

Micky Maller





## 2.7 SA.KA.RO. ("SANDWEILER KANNERROT")

Sa.Ka.Ro. bedeit: « Sandweiler KannerRot ». En ass am Schouljoer 2004/2005 gegrënnt ginn. D'Délégué'en aus de verschiddene Klassen kommen e puer Mol d'Joer zesummen a maache Proposen iwwert Allgemenges, wat d'Schoul betrëfft (z. B. Schoulhaff, Problemer, Gestreids...) Si kënnen awer och bei offizielle Geleeënheeten agesat ginn.

### SANDWEILER KANNERROT

Et ginn 2 Délegué'e pro Klass gewielt, den „Hauptdélégué“ a säin Ersatz. Et sinn och Klassen, déi hir 2 Délegué'en ofwiesselnd an d'Reunioune schécken. De Sa.Ka.Ro. gëtt am Prinzip all 2 Méint ofgehalen, a wann eppes Extraes uläit, och mol méi oft. De Projet "Pausenengel" ass z.B. op Initiativ vum Sa.ka.ro. an d'Liewe geruff ginn, dëse Projet gëtt an deenen nächste Joren nach weider ausgebaut.



Mediateur bis elo: Eliane Mathes-Graas. Vum Schouljoer 2010/2011 un dobäi: Michèle Konsbruck a Susana Dinis. Nei ass, datt d'Maison Relais och elo duerch eng Persoun vertrueden ass.

Le SA.KA.RO, le conseil des enfants, a été créé pendant l'année scolaire 2004/2005. Dans ce contexte, les délégués des différentes classes se réunissent plusieurs fois par an pour proposer des changements dans l'école et pour émettre leur avis par rapport aux structures et aux projets en cours (p.ex. la cour de récréation, les disputes...).

Il y a 2 délégués : un délégué officiel et son remplaçant; ceux-ci sont choisis au début de l'année scolaire par les élèves de leur classe. Le SA.KA.RO a lieu tous les deux mois, mais s'il y a des demandes extraordinaires, il peut avoir lieu plus souvent. Le projet « Pausenengelen » est né grâce à l'initiative du SA.KA.RO.

Médiatrice : Eliane Mathes-Graas. Au cours de l'année scolaire 2010/2011 Michèle Konsbruck et Susana Dinis ont participé aux réunions ainsi que des éducateurs de la Maison Relais.



## 2.8 PROJET « AFRIKA AN DER SCHOUL »

Als Klimabündnisgemeng ënnerstëtzt Sandweiler e Projet am afrikaneschen Togo. Mir Schoulkanner maachen och mat. All Klassen hunn während puer Wochen d'Thema Afrika an alle Schoulfächer behandelt. Mir hunn mat afrikanesche Sue gerechent, däitsch a franséisch Texter a Bicher iwwert Afrika gelies, déi afrikanesch Déiere an den Togo entdeckt an nach villes méi. Virun allem awer hu mir d'Liewen an den afrikaneschen Dierfer kenne geléiert an hunn zesumme gesongen a gedantzt. De Robert Bodja vun der ASTM ass bei eis an d'Schoul komm an huet mat all Klass ee Bühnenoptrëtt ageübt. Dëst hu mir dunn bei enger grousser Ofschlossfeier den Eltere virgefouert.

Op eisem Sportsfest hu mir ee grouss Charitylaf organiséiert, den Erléis vun 4264,85 € war fir de Projet « Togo ». An och d'nächst Joer wäert nach déi eng oder aner Aktivitéit am Kader vun dësem Projet lafen.


Mir soen alle Leit Merci fir hir generéis Donen an hir Ënnerstëtzung bei dësem Projet !



En tant que commune membre de l'Alliance pour le Climat, Sandweiler soutient un projet au Togo en Afrique. Les élèves de l'école de Sandweiler participent également à cette action. Au cours de l'année scolaire 2010/2011, toutes les classes ont traité le sujet « L'Afrique dans notre école ». Les enfants ont appris à connaître l'unité monétaire du Togo, ils ont lu des textes et des livres sur l'Afrique, ils ont découvert les animaux de l'Afrique, ainsi que le Togo... Nous avons surtout fait connaissance avec la vie quotidienne dans les villages africains. A plusieurs reprises, nous avons chanté et dansé ensemble. Monsieur Robert Bodja, collaborateur de l'ASTM, est venu à l'école pour préparer une mise en scène avec chaque classe, afin de présenter un grand spectacle aux parents.

A la fête sportive, nous avons organisé un « charity-run » où nous avons pu collecter la somme de 4264,85 € pour le projet Togo.

Nous remercions tous les gens pour leurs dons généreux et pour leur soutien lors du projet.



Les activités au cycle 1 commentées par les enfants :



« An Afrika hu si Kleeder mat ville faarwege Musteren. »  
 « Les vêtements des Africains sont colorés et ils ont différents motifs. »



« D'Afrikaner doe Masken un, fir ze danzen. » / « Les Africains portent des masques pour danser. »



„Si mussen bei d'Waasserquelle goe fir d'Waasser an eng Kürbisschossel ze fëllen.“



„Mir hu Musek gemaach mat Instrumenter aus Afrika.“  
„Mir hunn mam Robert Lidder geléiert an déi um Togo-Fest virgedroën.“



« Nous avons préparé différentes chansons avec Robert. Nous les avons présentées à la fête pour le Togo. »



D'Afrika-Fest / La fête africaine.



## 2.9 PROJET „PAUSENENGELN“

De Projet „Pausenengelen“ ass ee Projet, deen am Kader vum Plan de réussite scolaire (PRS) agefouert gëtt. Viru puer Joer hunn d'Kannerdéléguéën am Sandweiler Kannerrot (SaKaRo) virgeschloen, datt d'Kanner bei der Surveillance hëllef sollen, fir Konflikter sou besser ze léisen.

D'Kanner vum Cycle 4 kréien um Ufank vum Schouljoer d'Méiglechkeet, sech fir de Projet „Pausenengelen“ unzemellen. D'Partizipatioun ass op fräiwëlleger Basis a muss vun den Eltere resp. Tuteuren erlaabt ginn. Am Virfeld kréien d'Enseignanten, Elteren a Kanner eng detailléiert Informatioun.

D'Kanner, déi sech gemellt hunn, kréien dann eng Formatioun vu Sandweiler Enseignanten. D'Enseignanten hirersäits gi vun enger externer Formatrice, dem Lis Thomé, virbereet a begleet.

Wann d'Pausenengelen fäerdeg forméiert sinn, gi si an déi aner Klassen, fir de Projet virzestellen. Duerno si si prett, fir d'Surveillance an de Pausen a kleng Gruppen, zesumme mat den Enseignanten, ze halen. De Roulement gëtt am Viraus festgeluecht. Si sinn duerch eng giel Vest mat dem Logo an der Opschrëft „Pausengelen“ z'erkennen. D'Pausenengelen hunn Usprechpartner am Fall vu Schwierigkeeten a selbstverständlech kréien d'Pausenengele een Diplom, wou zertifizéiert gëtt, datt si bei dësem Projet matgemaach hunn. Et fënnt während an um Enn vum Schouljoer eng Evaluatioun vum Projet statt, en vue vum folgende Schouljoer.

Am Schouljoer 2010/2011 ass de Projet scho während 2 Méint gestart ginn, well d'Demande vun de Kanner grouss war. Dat Ganzt ass awer nach op eng méi „amateurhaft“ Manéier organiséiert ginn. Flott ass, datt op déi Manéier, éischt Erfahrungswärter gesammelt konnte ginn. Dorop kënne mir am Schouljoer 2011/2012 opbauen. All de Leit, déi gehollef hunn, Schüler a Professionell soe mir op dëser Plaz ee grouse Merci!

### Folgend Aufgaben huet ee Pausenengel:

- Hien hëllef dem Enseignant bei der Opsicht vun de Kanner.
- Hie schafft ee friddlecht Mateneen am Pausenhaff.
- Hie ka senge Matschüler bei kleng Schwierigkeeten hëllefen, z. B. fir eng Jackett

Le projet « Pausenengelen » a été créé dans le cadre du plan de réussite scolaire (PRS). Il y a quelques années, les délégués du SA.KA.RO, le conseil des enfants, ont proposé que les enfants aident les enseignants pendant les surveillances afin de mieux résoudre les conflits.

Au début de l'année scolaire, les enfants du cycle 4 auront la possibilité de s'inscrire au projet. La participation est volontaire, mais elle doit être approuvée par les parents resp. les tuteurs. Avant le lancement du projet, les enseignants, les parents et les enfants en seront informés de manière détaillée.

Les enfants qui se sont inscrits au projet seront formés par des enseignants de Sandweiler. Ces enseignants seront encadrés par une formatrice externe, Mme Lis Thomé.

Après leur formation, les « Pausenengelen » iront dans toutes les classes pour présenter le projet. Ensuite, ils seront prêts à assurer les surveillances pendant les récréations ensemble avec les enseignants. Le roulement sera déterminé auparavant. Les « Pausenengelen » seront reconnaissables grâce à des vestes jaunes. En cas de problèmes, les « Pausenengelen » auront une personne à qui s'adresser. Ils auront un diplôme qui certifie qu'ils ont participé à ce projet. Pendant et à la fin de l'année scolaire, il y aura une évaluation du projet.

Le projet a déjà débuté au cours de l'année scolaire 2010/2011 pendant deux mois, car les enfants le réclamaient. Nous sommes contents de nous baser sur cette expérience pour en tirer des leçons pour l'année prochaine. Un grand merci à toutes les personnes, élèves et professionnels, pour leur engagement!

### Les charges des « Pausenengelen »:

- Ils aident les enseignants à assurer la surveillance.
- Ils contribuent à la création d'une atmosphère paisible dans la cour de récréation.
- Ils aident leurs camarades en cas de difficultés.
- Ils participent à des discussions, ils écoutent leurs camarades et ils les consolent.
- Ils informent les enseignants s'ils constatent de graves conflits lors de la surveillance.
- Ils protègent les infrastructures et les plantations.

zouzemaachen, eng Fläsch opzemaachen, Schong zouzemaachen asw.

- Hie féiert Gespréicher, lauschtert gutt no an tréischt déi aner Kanner.
- Hien informéiert d'Enseignanten, déi Surveillance hunn, wa méi eescht Problemer sinn.
- Hie schützt d'Spillgeräter an d'Plantatiounen.

## Dat Besonnescht un de Pausenengeln ass:

- si si keng „Polizisten“, déi hir Matschüler bestrofen,
- si beobachte genee,
- si bidde frëndlech hir Hëllef un an drängen sech net op,
- si hëllef do, wou Hëllef noutwenneg oder erwünscht ass,
- si gi frëndlech op d'Enseignanten a Schüler zou
- si hunn ee frëndlechen Ëmgangstoun,
- Pausenengele gi mam gudde Beispill vir.

Haaptzil vum Projet „Pausenengelen“ ass, fir um Pausenhaff eng friddlech Atmosphär vu Schüler fir Schüler ze schafen. D'Schüler léiere sou méi Zivilcourage, Toleranz an Opmierksamkeet géigeniwwer deenen aneren. Si üben d'Integratioun, schoulen hir eegen Hëllefsbereetschaft a Fairness, souwéi hiert soziaalt Verhalen.

## Les particularités des « Pausenengelen » :

- Ce ne sont pas des policiers qui punissent leurs camarades.
- Ils observent bien.
- Ils proposent leur aide gentiment, sans bousculer leurs camarades.
- Ils aident s'ils voient des problèmes, mais aussi si des enfants le désirent.
- Ils sont gentils respectueux envers les enseignants et leurs camarades.

Le but principal du projet est de créer une atmosphère paisible dans la cour de récréation pour tous les enfants. Les «Pausenengelen» apprennent à montrer de la tolérance et à être plus attentifs aux autres. Ils sont plus présents pour les autres et plus justes.

